PRESSEMITTEILUNG
COMMUNIQUÉ DE PRESSE

Lëtzebuerg, den 23. Januar 2026

Kee Social Media Verbuet fir Jonker!

Mir, déi jonk gréng schwätzen eis géint de Verbuet vu Social Media fir Jonker ënner 16 Joer aus. Mir sinn net averstanen domat, dass dës Diskussiounen ouni déi Jonk stattfannen. E Verbuet wär an der Praxis ganz einfach ze ëmgoen a géif déi Jonk vun de positiven Aspekter vu soziale Medien ausschléissen. Déi negativ Aspekter, déi ee probéiert mat sou engem Verbuet ze verhënneren, betreffen net just déi Jonk, mee och déi Erwuessen. Mir fuerderen dowéinst eng streng Reguléierung vun de Plattformen an net vun engem Deel vun de User.

An der aktueller Debatt gëtt sou gemaach, wéi wa just Jonker negativ vun de soziale Medie géife beaflosst ginn. Dobäi ginn och Erwuessener vu Fake News, KI Inhalter, falsche Schéinheetsidealer, Mobbing a villem méi beaflosst, manipuléiert an/oder sinn Affer dovun. E Verbuet fir Jonker wier also just eng Verlagerung vum Probleem an d'Erwuessenenalter eran. Et handelt sech heibäi ëm eng weider politesch Diskussioun, an déi d'Jugend net agebonne gëtt, mee iwwert hir Käpp ewech decidéiert gëtt.

An der Realitéit ass e Verbuet vu soziale Medie fir Jonker net ëmsetzbar. Et existéieren ze vill einfach Weeër fir dës Verbueter ze ëmgoen. Dat entweder duerch alternativ Plattformen, déi (nach) net vun de Verbueter wäerte betraff sinn oder duerch ganz einfach VPNen. Ausserdeem existéiert keng kohärent Definitioun vu Social Media, soudass net kloer kann definéiert ginn, wat fir Plattforme misste verbuede ginn a wat fir net. Et herrscht de Risiko, dass och nëtzlech Plattforme vun engem Verbuet kéinte betraff sinn, zB. Foren, an deene Jonker sech zu Themen austauschen a selwer hëllefe kënnen, déi si interesséieren oder betreffen.

Den eigentleche Problem vun de soziale Medien sinn net seng User, ob mannerjäreg oder erwuessen, mee d'Firmen hannert de Plattformen. Déi hale sech wéinst Profitmaximiséierung oder wéinst hirer politescher Agenda net un europäesch Gesetzer a Richtlinnen a stellen domat eng Gefor fir eis gesamt Gesellschaft duer.

Mir fuerderen, dass Regierung de Problem mat der Wuerzel peekt. Lëtzebuerg soll sech engagéieren, eng gemeinsam europäesch Léisung ze fannen, dass d'Firmen hannert de Plattformen sech un déi europäesch Gesetzer a Reegelen halen. Bei Verstéiss sollen ëffentlech europäesch Alternative geschaf ginn an déi, déi schonn existéiere gepusht ginn. Ausserdeem muss d'Regierung déi ganz Gesellschaft besser iwwer d'Gefore vun de soziale Medien opklären a fir de richtegen Ëmgang domat sensibiliséieren.

déi jonk gréng 96 rue du Kiem L-8030 Strassen
Tel.: 27 48 27 - 1 jonk@greng.lu

Contre l'interdiction des réseaux sociaux pour les jeunes!

Nous, déi jonk gréng, nous opposons à l'interdiction des réseaux sociaux pour les jeunes de moins de 16 ans. Nous désapprouvons le fait que les discussions se déroulent sans la participation des jeunes. Une interdiction serait très facile à contourner dans la pratique et exclurait les jeunes des aspects positifs des réseaux sociaux. Les aspects négatifs que l'on tente d'empêcher avec une telle interdiction ne concernent pas seulement les jeunes, mais aussi les adultes. Nous demandons donc une réglementation stricte des plateformes et non d'une partie des utilisateurs.

Dans le débat actuel, on fait comme si seuls les jeunes étaient influencés négativement par les réseaux sociaux. Or, les adultes sont également influencés, manipulés et/ou victimes de fausses informations, de contenus générés par l'IA, de faux idéaux de beauté, de harcèlement et bien plus encore. Une interdiction pour les jeunes ne ferait que déplacer le problème vers l'âge adulte. Il s'agit là d'un nouveau débat politique dans lequel les jeunes ne sont pas impliqués, mais où les décisions sont prises sans les consulter.

En réalité, une telle interdiction n'est pas applicable. Il existe trop de moyens simples de contourner cette interdiction, soit en utilisant des plateformes alternatives qui ne seraient pas (encore) concernées par les interdictions, soit en utilisant des VPN. De plus, il n'existe pas de définition cohérente des réseaux sociaux, de sorte qu'il n'est pas possible de déterminer clairement quelles plateformes seraient concernées par l'interdiction et lesquelles ne le seraient pas. Il existe un risque que des plateformes utiles aux jeunes soient également concernées par l'interdiction, par exemple les forums où les jeunes peuvent échanger sur des sujets qui les intéressent ou les concernent et s'entraider.

Le véritable problème des réseaux sociaux ne réside pas dans leurs utilisateurs, qu'ils soient mineurs ou majeurs, mais dans les entreprises qui gèrent ces plateformes. Celles-ci ne respectent pas les lois et directives européennes afin de maximiser leurs profits ou pour des raisons politiques, et représentent ainsi un danger pour l'ensemble de la société.

Nous demandons au gouvernement de s'attaquer à la racine du problème. Le Luxembourg doit s'engager davantage à trouver une solution européenne commune afin que les entreprises derrière les plateformes respectent les lois et les règles en vigueur. En cas d'infractions, des alternatives publiques européennes doivent être créées et celles qui existent déjà doivent être encouragées. En outre, le gouvernement doit mieux informer l'ensemble de la société sur les dangers des réseaux sociaux et la sensibiliser à leur utilisation appropriée.

déi jonk gréng 96 rue du Kiem L-8030 Strassen
Tel.: 27 48 27 - 1 jonk@greng.lu